CENTRE DE FORMATION POUR CONDUCTEURS

D'Formatioun vun de Chaufferen steet am Mëttelpunkt vun eiser Aarbecht.

Als wichtegen Acteur am Beräich vun der Mobilitéit verfollege mir d'Zil, op nationalem Niveau zur **VISION ZERO** Accidenter ouni déidlech an schwéier Blesséierten bäizedroen, an och zur Reduktioun vun den $CO_2$-Emissiounen.

Am Kader vun der Weiderentwécklung vun eiser Ekipp um Site zu **Suessem** sicht den CFC:

# Chargé de Missioun – Formateur am Beräich vun der Ladung 's Sécherung an/oder Tachygraphen (m/f/d)

## Är Aufgaben:

- Theoretesch a praktesch Formatiounen am Beräich vun der Ladung 's Sécherung an/oder de Reglementatiounen am Transportwiesen (Tachygraphen, Code 95) duerchféieren;
- Virbereeden, organiséieren an duerchféieren vun Formatiounen am Presentiel an, wann néideg, och Online;
- Clienten a reglementaresche a Praxis orientéierten Froen beroden a begleeden;
- Transport Praxis analyséieren a Verbesserungsméiglechkeeten am Beräich vun der Sécherheet an der Konformitéit identifizéieren;
- Formatiouns Material an Dokumentatioun erstellen an aktualiséieren;
- Bei der Entwécklung vu CFC Projete fir d'Verkéierssécherheet an d'Sensibiliséierung matwierken.

## Äre Profil:

- Ausbildung Niveau Bac minimum am Beräich Transport, Logistik, Formatioun oder eng gläichwäerteg Qualifikatioun;
- Beruffserfarung am Stroossentransport, idealerweis am Zesummenhang mat der Ladung 's Sécherung an/oder der Uwendung vun Tachygraphen;
- Gutt Kenntnisser vun der Reglementatioun (Lenk- a Rouzäiten, Code 95, Sécherung vu Ladungen);
- Erfarung an der Duerchféierung vu Formatiounen oder eng staark Motivatioun, Wëssen ze vermëttelen;
- Dynamesch a kommunikativ Perséinlechkeet déi gären mat Leit schafft an sech u verschidde Publicken upassen kann;
- Selbststänneg, riguréis, strukturéiert a verantwortungsvoll Aarbechtsweis;
- Führerschäin vun der Kategorie C an/oder D ass vu Virdeel;
- Fléissend Kenntnisser (Niveau C1) am Lëtzebuergeschen an am Franséischen;
- Sensibiliséierung fir d'Thematik vun der Verkéierssécherheet.

## Eis Offer:

- Ofwiesslungsräich a verantwortungsvoll Aktivitéit an enger dynamescher a klenger Ekipp;
- Stimuléieren 't Aarbechtsëmfeld, dat Eegeninitiativ an aktiv Bedeelegung fërdert;
- Modern Formatiouns-Infrastrukturen, qualitativ héichwäertegt technescht Material an eng ënnerstëtzend Organisatioun;
- Perséinlech Weiderentwécklung duerch kontinuéierlech Formatiounen.

Wann Äre Profil eisen Ufuerderunge entsprécht an Dir un dësem Posten interesséiert sidd, dann schéckt eis Är Bewerbung per E-Mail un jobs@cfc.lu.